*Ont voté non: MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf, Mmes Anne Brasseur, Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger, Mme Lydie Polfer (par M. Henri Grethen), MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer (par M. Jean-Paul Rippinger), Théo Stendebach et Carlo Wagner (par Mme Agny Durdu).*

*Se sont abstenus: M. Emile Calmes:*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen et Jacques-Yves Henckes.*

Den Här Calmes wëllt séng Abstentioun begrënnen.

**M. Emile Calmes** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt mech hei enthalen, fir eis Positioun heiran ze kommentéieren.

Wéi mer d'lescht Woch iwwer dëst Gesetz diskutéiert hun, hat ech gesot, mir géifen eis bei dësem Vote enthalen. Et as awer elo esou, datt eis Fraktioun géint d'Gesetz gestëmmt huet, an dat op Grond vun den Deklaratiounen, déi den Här Bodry gemengt huet missen ze maachen zum Schluss vun den Diskussiounen. Hien huet gemengt, hie misst eis virwerfen, mir hätten am Kader vun der Kommodosdiskussioun hei keng klor Positioun. Et muss him wuel entgaange sin, datt mer schon 1994 eng Proposition de loi déposéiert haten, mat där mer eis Positiounen op d'manst gekläert hun. Wann déi Proposition de loi séngerzäit ëmgesat gi wir, dann hätte mer haut waarscheinlech vill manner Problemer mat där Gesetzgebung, wéi mer se hun.

Ech muss him allerdéngs de Reproche maachen, datt zwee Jor, nodeems dat Gesetz 1990 gestëmmt gin as, et souwuel der Regirung wéi och der Châmber klor war, datt d'Gesetz esou nët kéint fonktionnéieren an do eppes anescht huet misse kommen. Mir bedaueren, datt den Här Bodry 7 Jor laang Zäit gebraucht huet, fir an dësem Domän hei aktiv ze gin. Ech hun och gesot, datt mer näischt dergéint hun an et begréissen, datt Leit hei agestallt gin, mä datt mer mengen, datt d'Problemer nët kënne geléist gin, notamment wat d'Délaiën an d'Dauer vum Traitement vun denen Dossierën ugeet. Wann ee weess, datt mer bei der Klass 3 anerhallëft Jor an den Dossierën hannendra sin an an der Klass 1 1 Jor...

Ech hun och drop higewisen, datt déi duebel Kompetenz vun zwee Ministeren nach ëmmer bestoë bleift a mer mengen, datt dat nët gutt wir an dat och aus dene verschiddenen Noten a speziell och aus dem Audit erauskomm as. An deem Sënn as drop higewise gin, datt eng Collaboratioun tëscht denen zwou Verwaltungen nët do as, datt Informatiksproblemer do sin, fir d'Délaiën iwwerhaapt ze erfaassen, wat awer elo eminent wichteg as, an deem Sënn, wou d'Délaië jo contraignant sin, wann nët d'Dossierën um Verwaltungsgeriicht leien.

Dat alles, menge mir, wär nët am Sënn vun enger Réforme administrative, an dofir wollte mir eis enthalen, well mer - wéi gesot - op där enger Säit näischt dergéint hun, mä mir wollten awer op där anerer Säit mat där Enthalung eis Skepsis zum Ausdrock bréngen, datt ee sech nët zevill vun deem Gesetz soll erwaarden. Den Här Bodry huet gemengt, dat wir keng klor Linn: dofir wëlle mer dann elo mat engem negative Vote eis Positioun vis-à-vis vu séngem Wischiwaschi, deen hien zënter 7 Jor hei mécht, ganz klor zum Ausdrock bréngen...

*(Interruption)*

...an déi Politik, déi hien am Domän vun der Kommodosverwaltung hei an all dene Joren zu Dag geluegt huet, dénoncéiere mat engem Vote négatif.

Merci.

**M. le Président.-** As d'Châmber d'accord, fir d'Dispens vum zwete Vote ze gin?

*(Assentiment)*

Et as esou décidéiert.

## 5. Projet de loi 4478 portant transposition de la directive 97/5/CE concernant les virements transfrontaliers dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier *(Suite)*

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 4478 iwwer d'Virements transfrontaliers. D'Diskussioun an d'Lecture sin an der Sitzung vum 18. Mäerz ofgeschloss gin.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sin, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi as mat 57 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marco Schank), M. Willy Bourg, Mme Romi Bruck-Roth (par M. Nicolas Estgen), MM. Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes, Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Lucien Weiler;*

*MM. Jean Asselborn, Mars Di Bartolomeo, Mathias Greisch, Fons Grimler (par M. Claude Halsdorf), Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein, Roger Klein, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux (par M. Marc Zanussi), Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler et Marc Zanussi;*

*MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger, Mme Lydie Polfer (par M. Henri Grethen), MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer, Théo Stendebach et Carlo Wagner (par Mme Agny Durdu);*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepp (par M. Fernand Greisen);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.*

As d'Châmber d'accord, fir d'Dispens vum zwete Vote ze gin?

*(Assentiment)*

Et as esou décidéiert.

## 6. Projet de loi 4234 sur les consignations auprès de l'Etat *(Suite)*

Mir kommen elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 4234 iwwer d'Consignatioune beim Stat. Och do sin d'Diskussioun an d'Lecture vun den Artikelen an der Sitzung vum 18. Mäerz ofgeschloss gin.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sin, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi as mat 59 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marco Schank), M. Willy Bourg, Mme Romi Bruck-Roth (par M. Nicolas Estgen), MM. Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes, Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Lucien Weiler;*

*MM. Jean Asselborn, Mars Di Bartolomeo, Mathias Greisch, Fons Grimler (par M. Claude Halsdorf), Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein, Roger Klein, René Kollwelter (par M. Mars Di Bartolomeo), Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux (par M. Marc Zanussi), Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler et Marc Zanussi;*

*MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger, Mme Lydie Polfer, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer, Théo Stendebach et Carlo Wagner (par Mme Agny Durdu);*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Fernand Greisen) et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.*

As d'Châmber d'accord, fir d'Dispens vum zwete Vote ze gin?

*(Assentiment)*

Et as esou décidéiert.

## 7. Projet de loi 4464 portant modification de la loi du 19 mars 1988 sur la publicité foncière en matière de copropriété *(Suite)*

Als nächst stëmme mer iwwer de Projet de loi 4464 iwwer d'Publicité foncière of. D'Diskussioun an d'Lecture sin an der Sitzung vum 18. Mäerz ofgeschloss gin.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sin, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi as mat 58 Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt (par M. Marco Schank), M. Willy Bourg, Mme Romi Bruck-Roth (par M. Nicolas Estgen), MM. Lucien Clement, Nicolas Estgen, Pierre Frieden, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Ady Jung, Norbert Konter, Mme Marcelle Lentz-Cornette, MM. Nico Loes, Laurent Mosar (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Alphonse Theis et Lucien Weiler;*

*MM. Jean Asselborn, Mars Di Bartolomeo, Mathias Greisch, Fons Grimler (par M. Claude Halsdorf), Claude Halsdorf, Jean-Pierre Klein, Roger Klein, Jeannot Krecké, Mme Françoise Kuffer, M. Lucien Lux (par M. Marc Zanussi), Mme Lydia Mutsch, MM. Jean Regenwetter, Jos Scheuer, Jean Schiltz, Camille Weiler et Marc Zanussi;*

*MM. Eugène Berger, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Henri Grethen, Paul Helminger, Mme Lydie Polfer, MM. Jean-Paul Rippinger, John Schummer, Théo Stendebach et Carlo Wagner (par Mme Agny Durdu);*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Fernand Greisen) et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.*

As d'Châmber d'accord, fir d'Dispens vum zwete Vote ze gin?

*(Assentiment)*

Et as esou décidéiert.

## 8. Projet de loi 4370 portant

**- transposition de la directive 95/26/CE relative au renforcement de la surveillance prudentielle, dans la loi modifiée du 5 avril**